In der Zwischenzeit den weißen Spargel komplett und den grünen Spargel nur im unteren Drittel schälen. Die unteren Enden abschneiden. Die Spargelstangen quer halbieren. Den weißen Spargel in kochendes Salzwasser geben und bei mittlerer Hitze zugedeckt 4 Minuten garen, den grünen Spargel zugeben und weitere 2 Minuten garen. Spargel mit einer Schaumkelle aus dem Topf heben, in eiskaltem Wasser abschrecken und abtropfen lassen. Anschließend auf Tüchern gut trocken tupfen.

Die Eier in einer Schüssel mit Salz, Pfeffer und Ricotta verquirlen. Die Hälfte des Käses in die Mischung reiben und Thymianblättchen hinzufügen. Spargel unter die Eiercreme ziehen. Die Füllung auf den vorgebackenen Boden geben und mit dem restlichen Käse bestreuen. Die Quiche 40 Minuten goldbraun backen.



naturpark.lu Öewersauer • Our • Mëllerdall

École du Goût

naturpark.lu Öewersauer • Our • Mëllerdall

École du Goût

# Äisvull

## (ALCEDO ATTHIS – MARTIN-PÊCHEUR – EURASIAN KINGFISHER - EISVOGEL)



**Laut enger EU Direktiv handelt et sech beim Äisvull em « une espèce Natura 2000 visée par l'article 4.1 de la directive 2009/147/CE présente au Luxembourg. Les États membres de l'Union européenne doivent engager des mesures visant à conserver toutes les espèces d'oiseaux vivant naturellement à l'état sauvage sur le territoire européen ».**

Fir dëser Direktiv gerecht ze ginn hu mer zu Fëschbech an deene leschte Joren dem Äisvull e puer kënschtlech Nistgeleeënheeten installéiert.
Reegelméisseg kann een den Äisvull bei der Wäisser Iernz an deene sëllege Weieren an eiser Ëmgéigend beobachten.















Den Äisvull ass déi eenzeg Aart (et ginn der bal 100 weltwäit) aus der Famill vun den Äisvullen déi a Mëtteleuropa virkënnt. Déi meeschten Aarte liewen an Afrika, Australien an Asien.

Charakteristesch fir den Äisvull si seng faarweg Fiederen an och dee grousse Schniewel. Hie lieft nëmme beim Waasser, wou hie Juegd op kleng Fësch, Fräschen an Insekte mécht. Fir ze bréie benotzt hien eng Brutröhre, déi hie selwer grueft, ma duerfir brauch hien awer entweder e Steiluwwer oder eng Sandwand. Heiranner leet hie seng 4-7 Eeër a mécht am Prinzip 2 Bruten pro Joer.

Héichwaasser bannent der Brutzäit kann déi komplett zerstéieren. Ma och Waasserverschmotzung oder streng Wanteren an deenen d'Waasser zoufréiert bedroen dëse schéine Vull.

Et gëtt geschat, datt hei am Land bis zu 100 Koppele vun deem schéine Vull liewen.

Hei nach 2 Vullen och aus der Familie vun den Äisviggel: uewen de Brown-hooded Kingfisher (Braunkopfliest) an ënnen den Giant Kingfisher (Riesenfischer), allen zwee am Mosambik fotographéiert.





Text a Fotoen: Olivier Molitor

Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark

# Mëllerdall Days 2.-8.06




- **Film** Ciné Sura
  › 5.06
  gratis / gratuit / free
- **Geführte Wanderungen**
  **Randonnées guidées**
  **Guided hikes**
  › 7.06 & 8.06
  gratis / gratuit / free
- **Geführte Besichtigung**
  **Visite guidée**
  **Guided tour**
  › 7.06 Textil Musée Larochette

Mehr Infos unter
Plus d'infos sur
Further information

mullerthal Luxembourg's Little Switzerland REGION

Ciné Sura ... Ihr Kino in Echternach

www.naturpark-mellerdall.lu naturparkmellerdall



# Gestalten Sie die Zukunft des Natur- & Geopark Mëllerdall mit!

Das Jahr 2025 bringt entscheidende Entwicklungen für den Natur- & Geopark Mëllerdall mit sich, und Sie können aktiv daran teilhaben!

Naturparke in Luxemburg müssen alle zehn Jahre eine Erneuerungsprozedur durchlaufen. Für den Natur- & Geopark Mëllerdall ist dies zum ersten Mal der Fall. Noch spannender: Die Ernztalgemeinde und die Gemeinde Reisdorf sind an einem Beitritt interessiert. Bei dem ganzen Prozess spielt die Einbindung der Bevölkerung und der Gäste eine wichtige Rolle.

**Jetzt sind Sie gefragt!** Wie soll sich der Natur- & Geopark Mëllerdall weiterentwickeln? Welche Themen und Projekte liegen Ihnen besonders am Herzen?

**Ihre Meinung zählt:**
Nehmen Sie an der Online-Umfrage teil und nutzen Sie dabei die Gelegenheit, tolle Preise zu gewinnen. Besuchen Sie unsere Informationsveranstaltung am 28. Juni von 9 bis 13:30 in Steinheim und bringen Sie Ihre Ideen direkt vor Ort ein.

Der Natur- & Geopark Mëllerdall lebt von den Menschen, die hier wohnen und ihn besuchen. Jetzt ist der Moment, um mitzureden und gemeinsam die Weichen für die Zukunft zu stellen.

**Zur Online-Umfrage für Einwohner**

**Zur Anmeldung für die Bürgerbeteiligungsversammlung**



# Visite vum neie Waasserreseau

**29.03.2025 GEMENG FËSCHBECH**

**D'Drénkwaasser ass mat Ofstand eist wichtegst, gesondst an och bëllegst Liewensmëttel dat mir praktesch onbegrenzt zur Verfügung hunn.**

D'Qualitéit vum Drénkwaasser an d'Sécherheet vun der Versuergung sinn dofir Themen, déi reegelméisseg am Zentrum vun de politeschen Iwwerleeungen sti wann et drëms geet fir grouss, an d'Zukunft geriicht Investitiounen ze decidéieren.

Zanter 2 Joer ass lo den neien interkommunalen Drénkwaasserreseau FiLaNo-Eau operationell: déi 3 Gemenge Fëschbech, Fiels an Noumer sinn duerch een ënnerierdescht Drénkwaassernetz sou matenee verbonnen, dass si hir Awunner mat deem wäertvolle Liewensmëttel aus eegene Quelle kënne versuergen.

Viru kuerzem hunn d'Klimaschäffe vun den 3 Gemengen d'Initiativ geholl fir de Vertrieder vun de Gemengeréit an de Membere vun de respektive Klima Pakt Ekippen déi verschidde Statioune vum neie Reseau um Territoire vun der Gemeng Fëschbech ze weisen. Dës Visite huet stattfonnt am Kader vum Internationalen Dag vum Waasser an hat als Zil, d'Wichtegkeet vun der Waasserwirtschaft an de lokalen Infrastrukturen opzeweisen.

Ronn 20 Leit ware sonndes moies zu Fëschbech um Depart vum 7 km laange Fousstour. Fir d'éischt goung et bei den ale Pëtz hannert der Pompelstatioun um Wee laanscht d'Fëschber Weieren. Jorelaang huet dëse 17 Meter déiwe Pëtz d'Awunner vun der Gemeng zouverlässeg mat Drénkwaasser versuergt. De Pëtz läit, geologesch gekuckt, um Tracé vun enger Verwerfung vun de Buedemschichten, an dat ass dann och de Grond firwat dëse Pëtz an der Debicht sou vill a sou reegelméisseg Waasser geliwwert huet. Zanter enger Zäitche speist hien awer lo net méi an eist Drénkwaassernetz well bei staarkem Reen ëfters Friemkierper an de Pëtz geschwemmt gi sinn. Déi nei Quell am Laangegronn, nieft der Strooss op de Plankenhaff an op Stuppecht ass lo zoustänneg fir eist Waasser. Fir dës nei Quell unzezapen, sinn 3 horizontal Buerungen an den Hiwwel op der anerer Säit vun der Strooss ugeluecht ginn.









Dëst Quellewaasser gëtt vun e puer décke Pompelen an der Pompelstatioun an der Debicht an de Waasserbehälter op der Schéisser Héicht gedréckt. Bannen am Gebai, wat 1953 a Betrib geholl ginn ass, sinn natierlech nach aner elektresch Steierungs- an Iwwerwaachungsapparater installéiert. Opschlossräich sinn och déi 4 grouss Informationstafelen zum Site, déi säitlech um Gebai ubruecht sinn.

De Buergermeeschter Luss Brosius huet eis de Wee vum Drénkwaasser erkläert an och erzielt, dass rezent hei am Eck Debichtbuer – Falkestaen nees Proufbuerungen gemaach gi sinn en vue vun engem neie Pëtz, deen deemnächst soll ugeluecht ginn. Et geet drëms, eng duebel Versuergung zur Verfügung ze hunn a sou nach méi eng sécher Waasserversuergung kënnen z'assuréieren.

Et goung dunn deen Ale Wee rop op Schous; ënnert dëse Wee gëtt an noer Zukunft eng nei Waasserleitung geluecht bis bei de Behälter op der Héicht, 417 Meter iwwert dem Mieresspigel. Dëse Waasserspäicher besteet aus 2 Bassénger vun all Kéier 250 m³ wou lafend Drénkwaasser vu Fëschbech ropgepompelt gëtt. De Laurent Degraux vum techneschen Zerwiss vun der Gemeng huet eis dës Installatioun gewisen an erkläert.







Um weidere Verlaf vun eisem Tour krute mir um lieudit op Johan, direkt um Wee fir bei d'Kompostéierungsanlag, een ongewéinleche Grilldeckel gewisen. Et ass dëst eng senkrecht Buerung wou déi staatlech Verwaltung neierdéngs den Niveau vum Grondwaasser kann iwwerwaachen. Dës Statioun huet deemno näischt mam neie Waasserreseau ze dinn.

Op der Meesebuerger Héicht, um Eck vum Bësch direkt um Wee deen op Fëschbech geet, läit dann déi nei Verdeelungsstatioun. An dësem ënnerierdeschem Betonsgebai kommen déck Leitungen un an hei gëtt d'Waasser, wat vu Fëschbech an aus der Fiels erbäi kënnt, nees a verschidde Richtunge verdeelt : zréck op Schous an de Behälter, iwwert de Plateau Seitert op Fëschbech, op den Iernzerbierg an iwwert de Guddelterhaff an d'Fiels an op Noumer. Ze bemierken ass, dass hei och Waasser aus der Fielser Quell am Deich an den interkommunale Reseau agespeist gëtt. Eng ganz Rei interessant Erklärunge krute mir ze héieren. Sou z. B. dass Fëschbech an d'Fiels souwuel Waasser liwweren a verbrauchen, Noumer dergéint just Waasser aus dësem Reseau ka kréien, dëst wéinst dem relativ groussen Héichtenënnerscheed an dass d'Verdeelung an eiser Gemeng gréisstendeels gravitativ ausgeluecht ass. D'Waasser leeft bekanntlech selwer biergof ...

A Richtung Fëschbech, kuerz virum Duerf, sinn déi 2 al Waasserbehälter net méi a Betrib. De Behälter vum Schlass Fëschbech ass guer net méi um Reseau ugeschloss wärend de Behälter Fëschbech lo als Hydrophore-Installatioun eng nei Funktioun kritt huet.

Géint Mëtteg koumen d'Participantë vun dëser Visite nees am ale Schoulhaff zu Fëschbech un an hu sech gefreet iwwert de flotte Ravitaillement deen d'Buergermeeschteren aus der Fiels a vun Noumer hinnen ugebueden hunn.

Déi puer lescht Joren ass vill Aarbecht geleescht ginn, wat natierlech och héich Onkäschte mat sech bruecht huet. Mee dësen neie Waasserreseau stellt eng wichteg, an d'Zukunft geriicht Investitioun duer a garantéiert eng sécher a qualitativ héichwäerteg Waasserversuergung. Dozou droen e.a. och déi verschidde Waasserschutzzone bei, déi eis all drun erënnere sollen, respektvoll an nohalteg mat eisem Fleckchen Äerd ëmzegoen.

Text: Edmond Haas















# Grouss Botz

**29.03.2025 GEMENG FËSCHBECH**

D'Naturpakt Team vun der Gemeng Fëschbech huet um leschte Samschdeg am Mäerz, déi traditionell Grouss Botz mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng organiséiert.
Nom eraussiche vun den Tournéeën an d'Asammelen vu Pëtz an Tute sinn all déi fläisseg Participanten, no der Gruppefoto beim Veräinshaus op der Héicht, a klenge Gruppen op hiren Tour gaangen .
Fir de Fräiwëllegen Merci fir soen an eis ze stäerken ware mir wéi d'lescht Joer an d'Angelstuff e Maufel iessen a mir hunn den Owend bei engem Pättchen ausklénge gelooss.

# Grand nettoyage


L'équipe du pacte nature de la commune de Fischbach a organisé le traditionnel grand nettoyage avec le soutien de la municipalité le dernier samedi de mars.
Après avoir collecté une tournée de ramassage, une pince et les sacs de collecte, les participants bénévoles ont fait une photo de groupe devant le Veräinshaus juste avant le départ en petits groupes.
Pour remercier les bénévoles et afin de reprendre ses forces, nous avons, comme l'année dernière, pris un repas en soirée avec pot d'amitié à l'Angelstuff.

# Großer Frühjahrsputz

Das Naturpakt-Team der Gemeinde Fischbach organisierte mit Unterstützung der Gemeinde am letzten Samstag im März die traditionelle Frühjahrsputzaktion.
Nachdem die ehrenamtlichen Teilnehmer ihre Tour, eine Zange und die Sammelbeutel eingesammelt hatten, machten wir, kurz vor dem Start in kleinen Gruppen, ein Gruppenfoto vor dem Vereinshaus.
Um den Freiwilligen zu danken und wieder zu Kräften zu kommen, gab es wie letztes Jahr ein Abendessen mit einem geselligen Umtrunk im der Gaststätte Angelstuff.



# Die Teufelskrallenkräuterspirale in Angelsberg



Wie überall auf der Welt sind Trockenmauern auch in Luxemburg ein wichtiger Bestandteil unserer Kulturlandschaft. Wir können sie an vielen Stellen Luxemburgs entdecken: Als Terrassen in den Weinbergen, als Stützmauern der Müllerthaler Wanderwege, als trockengebaute Brücken, Uferbefestigungen oder sogar als kleine Unterstände. Die Vorteile einer Trockenmauer sind enorm: Sie schützen vor Hochwasser und Bodenerosion, sie bieten ein einzigartiges Biotop für Flora und Fauna und sind seit 2021 als Immaterielles Kulturerbe der UNESCO klassiert. Leider sind trockengebaute Strukturen in den letzten Jahrzehnten in Vergessenheit geraten.

Um das Wissen dieses uralten Handwerks schon den Jüngsten beizubringen und ihnen die Vorteile von trockengebauten Strukturen näher zu bringen, kam die Idee seitens der Gemeinde Fischbach mit der Maison Relais und dem Natur- & Geopark Mëllerdall das Thema in Angelsberg anzugehen.

Als trockengebaute Struktur wurde eine Kräuterspirale ausgewählt. Diese kann in der Maison Relais ein weiteres Highlight im Außenbereich sein und ermöglicht außerdem das Genießen von frischen Kräutern beim Mittagessen. Da auch Fossilien ein Thema der Workshops waren, und es immer im Natur- & Geopark sind, wurde die Kräuterspirale in Form einer Teufelskralle gestaltet.



Die Außenwand wurde als richtige Trockenmauer gebaut, während die Trennwände im Inneren aus vertikal gesteckten Steinen bestehen.



Nach einer theoretischen Einleitung durch Wichtel Wumm und diversen Workshops rund um Steine, Fossilien und Trockenmauern halfen die Kinder eifrig bei der Gestaltung der Teufelskrallenkräuterspirale.







Obwohl das Wetter nicht wirklich mitspielte, waren die Kinder sehr motiviert, Steine klein zu hauen, verschiedene Hämmer zu testen und Igelhäuser und Pflanzen in die Trockenmauer miteinzubauen.





















Nach 4 Tagen Arbeit war das Werk vollbracht und die trockengebaute Kräuterspirale fertig. Allen Teilnehmern war es ein wahres Vergnügen dieses Projekt mit der Gemeinde und dem Naturpark- & Geopark auszuarbeiten und zu realisieren. Im Sommer soll die Kräuterspirale dann noch mit einer Vielzahl von blühenden Kräutern bepflanzt werden, welche auch von Bestäubern als Nahrungsquelle genutzt werden können.





Dieses Projekt wurde mit finanzieller Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität im Rahmen des Umweltfonds-Projekts „D'Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich" durchgeführt.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

D'Naturparken zu Lëtzebuerg
... een Insekteräich

Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark

# Weiterbildungen für Gemeindemitarbeiter im Rahmen des Naturpakts

**25.04.2025 GEMENG FËSCHBECH**

Im Rahmen des Naturpakt's fand am vergangenen 25. April dieses Jahres eine Weiterbildung für die Gemeindemitarbeiter der Mitgliedsgemeinden des Natur & Geoparks Mëllerdall zum Thema „Unterhalt naturnaher Feldwege statt" in der Gemeinde Fischbach.

Im Rahmen dieser Weiterbildung erhielten die Teilnehmer eine Einführung zum nationalen Offenlandbiotopkataster. Der Schwerpunkt lag auf der naturschutzfachlich korrekten Bewirtschaftung des geschützten Biotops BK19 „naturnahe Feldwege".

Die Teilnehmer bekamen Informationen über die Wichtigkeit der naturnahen Feldwege, und vor allem was diese für unsere Fauna und Flora bedeuten.

Weiterhin gab es in der Weiterbildung Einblick auf die verschiedenen Mahdmethoden und -material der Feldwege. Schwerpunkt wurde hier auf die Insektenfreundliche Mahd gelegt.

Zum Schluss wurden für die Bewirtschaftung angemessene Maschinen in der Theorie und Praxis vorgestellt.

Dabei kamen zum Einsatz:

- Schlepper und Ausleger mit Balkenmäher, bereitgestellt von der Firma Agricom
- Zugpferde mit Balkenmäher, bereitgestellt von der Firma Leunessen Bois
- 2 Achs Balkenmäher, bereitgestellt von der Gemeinde Beaufort
- Bandrechen, bereitgestellt von der Gemeinde Waldbillig

Wir bedanken uns bei allen Teilnehmer für die gut besuchte Veranstaltung sowie bei den Aussteller für das Bereitstellen des Materials und der Gemeinde Fischbach, die uns immer wieder gerne den Saal zur Verfügung stellt.











# Information - ANF

### Protégeons nos amphibiens : une mission pour tous les citoyens de notre commune

Les amphibiens, tels que les salamandres, tritons et grenouilles, jouent un rôle essentiel dans nos écosystèmes. En régulant les populations d'insectes et en étant une ressource importante dans la chaîne alimentaire, ils contribuent à maintenir l'équilibre naturel. Cependant, ces espèces sensibles sont particulièrement vulnérables, notamment pendant leurs migrations saisonnières.

Chaque année, au printemps (mars-avril) et en automne (septembre-novembre), les amphibiens migrent pour rejoindre leurs habitats essentiels. Au printemps, ils quittent leurs sites d'hivernage pour se reproduire dans des mares et étangs. À l'automne, ils se déplacent vers leurs refuges pour l'hiver. Ces migrations, bien que vitales pour leur survie, les exposent à des dangers lorsqu'ils traversent routes et pistes cyclables.

Leurs déplacements sont déclenchés par des conditions météorologiques spécifiques. Les nuits pluvieuses et humides, combinées à des températures douces (entre 5 et 15 °C), sont particulièrement propices à leur migration. L'humidité les protège du dessèchement, tandis que les températures modérées stimulent leur activité. Ces périodes critiques correspondent aux moments où les amphibiens sont les plus exposés aux risques, notamment l'écrasement par les véhicules ou vélos.

En tant qu'usagers des routes et pistes cyclables, nous pouvons tous agir pour limiter ces dangers. Ralentir et rester attentifs lors des nuits pluvieuses ou pendant les périodes de migration peut faire une grande différence. Si vous observez des zones particulièrement fréquentées par les amphibiens, informez-en l'Administration de la nature et des forêts (ANF). Ces signalements permettent d'identifier les points sensibles et d'envisager des solutions pour mieux les protéger.

Les amphibiens sont des indicateurs précieux de la santé de notre environnement. En les protégeant, nous contribuons à préserver la biodiversité et la richesse naturelle de notre commune. Ensemble, nous pouvons agir pour garantir la survie de ces espèces fragiles qui jouent un rôle clé dans nos écosystèmes.

Pour signaler des passages fréquents ou obtenir plus d'informations, contactez l'ANF ou visitez la page internet dédiée :

### Schützen wir unsere Amphibien: Eine Aufgabe für alle Bürger unserer Gemeinde

Amphibien wie Salamander, Molche und Frösche spielen eine entscheidende Rolle in unseren Ökosystemen. Sie regulieren Insektenpopulationen und dienen zahlreichen Tieren als wichtige Nahrungsquelle. Dadurch tragen sie wesentlich zum ökologischen Gleichgewicht bei. Doch diese empfindlichen Arten sind besonders gefährdet, insbesondere während ihrer saisonalen Wanderungen.

Jedes Jahr wandern Amphibien im Frühjahr (März-April) und Herbst (September-November) zu ihren lebenswichtigen Lebensräumen. Im Frühjahr verlassen sie ihre Winterquartiere, um sich in Teichen und Weihern fortzupflanzen. Im Herbst suchen sie geschützte Orte für den Winterschlaf. Diese Wanderungen, die für ihr Überleben entscheidend sind, bringen sie häufig in Gefahr, besonders beim Überqueren von Straßen und Radwegen.

Ihre Wanderungen werden von bestimmten Wetterbedingungen beeinflusst. Feuchte Nächte mit Regen und milden Temperaturen (zwischen 5 und 15 °C) schaffen ideale Voraussetzungen für ihre Bewegung. Die Feuchtigkeit schützt sie vor dem Austrocknen, während die angenehmen Temperaturen ihre Aktivität fördern. Genau in diesen Zeiten sind Amphibien besonders gefährdet, da sie auf Straßen und Radwegen leicht übersehen werden und überfahren werden können.

Als Nutzer von Straßen und Radwegen können wir dazu beitragen, diese Risiken zu minimieren. Fahren Sie langsamer und seien Sie aufmerksam, besonders an regnerischen Abenden oder während der Wanderzeiten. Wenn Sie Bereiche bemerken, in denen Amphibien häufig unterwegs sind, melden Sie dies bitte der Naturverwaltung (ANF). Solche Meldungen helfen dabei, sensible Stellen zu identifizieren und geeignete Schutzmaßnahmen umzusetzen.

Amphibien sind wertvolle Indikatoren für die Gesundheit unserer Umwelt. Indem wir sie schützen, bewahren wir die Artenvielfalt und den natürlichen Reichtum unserer Gemeinde. Gemeinsam können wir dazu beitragen, diese empfindlichen Arten zu erhalten, die eine Schlüsselrolle in unseren Ökosystemen spielen.

Um Wanderungen zu melden oder weitere Informationen zu erhalten, wenden Sie sich bitte an die ANF oder besuchen Sie die folgende Webseite:



Contact :

nature@anf.etat.lu

www.sos-salamandre.lu

Photo: Salamandre tachetée (*Salamandra salamandra*) traversant la route pendant la migration automnale.

Crédit photo : Biota.lu

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

NATUR & KLIMA

## Kommt an deelt Är Erënnerungen un eis Wäiss Aerenz !

Drot dozou bäi eis Ausstellung ronderëm d'Wäiss Aerenz zum Liewen z'erwächen.

Hutt Dir eng Geschicht, eng Erënnerung, en Objet oder souguer eng Persoun déi Dir mat der Wäisser Aerenz verbannt ?

Dann fëllt dëse Coupon-réponse aus a schéckt en un:

## Partagez vos souvenirs de l'Ernz Blanche !

Contribuez à donner vie à notre exposition sur l'Ernz Blanche.

Vous connaissez une histoire, un souvenir, un objet ou même une personne que vous associez à l'Ernz blanche ?

Remplissez le coupon-réponse et envoyez-le à:

**LEADER Mëllerdall**
9, rue André Duchscher
L-6434 Echternach

Oder per Email / ou par email
**mellerdall@leader.lu**

oder kontaktéiert de LEADER Mëllerdall per Telefon iwwer den 26 72 16 30.

ou contactez LEADER Mëllerdall par téléphone au 26 72 16 30.

Gidd en Deel vun der Erënnerungskultur aus eiser Regioun !

Participez à la culture du souvenir de notre région !

Är Aerenzdallgemeng

Votre commune de la Vallée de l'Ernz




Fir d'Konditiounen an d'Date limite scannt dëse QR code

Les conditions et la date limite sous ce code QR



**Description / Beschreiwung :** ______________

______________________________

______________________________

______________________________

______________________________

______________________________

**Nom / Numm :** ______________________

**Tél. / Email :** ______________________

**Envoyez ce coupon-réponse à:**
**Schéckt dëse Coupon-réponse un:**

**LEADER Mëllerdall**
9, rue André Duchscher
L-6434 Echternach

ou par Email à
**mellerdall@leader.lu**

Aerenzdallgemeng
LEADER MËLLERDALL
Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture
Cofinancé par l'Union européenne



# D'Harzer Puppenbühne op Besuch an der Angsber Schoul

E Mëttwoch, den 19. Mäerz 2025 waren d'Poppespiller vun der Harzer Puppenbühne op Besuch an der Angsber Schoul an hunn de Kanner aus de Cyclen 1 an 2 dat flott Stéck „Oh wie schön ist Panama" vum Janosch virgespillt.















# Grousse Merci un d'Gemeng – neit Codingmaterial













# Mathé mol anescht !

De 27.03 hat de Cycle 4 d'Mathésstonn mol anescht.

Mir hunn a gemëschte Gruppe Coding Spiller gespillt, zesumme mat dem Här Carlo Thimmesch, der Joffer Lara (Papillo), der Joffer Emilie (Schmit), der Joffer Viviane (Koob) an der Joffer Sarah (Kolber). Beim Carlo an der Joffer Viviane goufen et Spiller fir de Kapp, bei der Joffer Sarah misste mir ee Spill mat pteschen Täuschungen um Tablet léisen, bei der Joffer Emilie Mathé-Kaarten an ee Würfel zesummebauen a bei der Joffer Lara gouf et Aufgaben um Blat.

No 20 Minutte goufen d' Ateliere getosch. De Kanner huet et gutt gefall an dobäi hu mir eppes geléiert!

Elise, Lena, Cycle 4.2











# Spillnomëtteg



E Mëttwochmëtteg huet eis Schoul ee Spillnomëtteg organiséiert. Et gouf vill verschidden Atelieren. D'Spiller goufe vun Elteren, Geschwëster a Jofferen erausgesicht an erkläert. D'Gruppe ware gemëscht, an an deene meeschte Gruppe war vun all Klass ee Kand. D'Spiller waren all flott an all Kand hat Spaass.

Merci un all d'Elteren, Geschwëster a Jofferen, datt si sech Zäit geholl hunn de Kanner ee flotte Mëtteg ze erméiglechen. Mir hoffen, dass mir dat och an den nächste Jore maache kennen.

Mats an Elise, Cycle 4.2










# ÄISPIST 2025

De 4. Februar war eng méi op der Äispist zu Beefort lass. Wéi all Joer, hunn d'Cyclen 2, 3 a 4 sech och dëst Joer op de Wee op Beefort gemaach, fir do ee flotte Moien ze verbréngen. D'Kanner an d'Jofferen hate vill Freed a si bis op e puer kleng Chutte gesond a monter zréck an der Angsber Schoul ukomm.
















# Fuesent














# Geméisgaart an der Crèche

Et ass Fréijoer! Säit leschtem Joer hu mir en Hochbeet.
Lo ass et nees Zäit fir Neies unzeséien!



Wéi gesäit eist Hochbeet aus?




Wat brauche mir dann dofir? Mir kruten extra neit Material, vir kënne gemeinsam mat de Kanner d'Geméis unzeséien.








Wat séie mir un? Séiss Tomaten, Kraider, Aubergine, Muerten, Paprika, Ënnen.









Gemeinsaamt uséine. All Kand huet säin eegent Geméis dierfen uplanzen: Vum Lach gruewen, zum Séien, bis hin zum Nätzen, hunn d'Kanner mat e bëssen Ënnerstëtzung dat super gemaach an hate vill Freed dobäi!

# "Vum Som op den Teller" Projet am Cycle 1

Am Cycle 1 dréint sech de Moment alles ëm d'Thema „Vum Som op den Teller". Hei steet d'Natur am Mëttelpunkt. Dëse Projet ass no der Fuesvakanz lass gaang a wäert sech iwwert ganzt Joer zéien.

An enger éischter Phas hunn d'Kanner zesumme mat hiren Erzéierinne gekuckt wéi en Uebst a Geméis wou wiisst.







Mir hunn Angelsbierg entdeckt.





| Maison Relais |



D'Thema Insekte kënnt bei dësem Projet awer och net ze kuerz, sou gouf mat de Kanner zesumme gekuckt wou d'Insekte liewen a wisou et wichteg ass datt et se gëtt.





An enger weiderer Phas wäerten d'Hochbeeter erëm ugeséit gi fir dann dono mam Geméis a Uebst wat do gewuess ass eppes Leckeres ze kachen.





# D'"Téistuff" an d'"Téistiffchen" Bei de Kueben

Am C2-4 get et elo eng néi Form vun eise Kannerversammlungen: Et gëtt d'„Téistiffchen" fir den C2 -3.1. an d'Téistuff" fir den C3.2- C4.
Wärend dësem Treffen, un deem ee fräiwëlleg deelhuele kann, hunn d'Kanner d'Méiglechkeet sech iwwert verschidden Themen aus dem Alldag an der Maison Relais auszetauschen.
An engem gemittleche Kader kënnen si matdeele wat hinne momentan gutt gefält a weiderhi proposéiert soll ginn, Wënsch/Ideen déi si an d'Maison Relais abrénge wéilten esouwéi Punkten déi hinnen net gutt gefalen.
D'Educateuren encadréieren dësen Austausch, schreiwen sech d'Proposen op an diskutéieren se spéider am Team. Am „News-Eck" gëtt de Rapport dovu fir jiddereen ausgehaangen.
Nieft dem oppenem Austausch, kréien d'Kanner duerch dës Versammlungen d'Chance hier Sozialfähegkeeten ( z.B. oppe fir aner Meenung, Nolauschteren, Rücksicht huelen) esou wéi hier Kommunikatioun an hiert Selbstwäertgefill ze stäerken.

**„D'Téistiffchen" C2-3.1.:**

D'Téistiffchen fënnt an der Dramwelt (Ruheraum) statt.
Do ass och ëmmer de Pandi Panda (d'Maskottche vun der Téistiffchen) mat dobäi a lauschtert de Kanner ëmmer gutt no. Wärend all Versammlung gëtt ee Kand gewielt wat zoustänneg ass sech em dem Pandi Panda seng Wallis ze këmmeren an där Piktogrammer dra sinn. Déi Piktogrammer sollen op eng faarweg Tafel opgehaange gi vum Kand a weisen domadder u wéi een Thema aktuell beschwat gëtt.
Lara B. : „Ech fannen d'Téistiffchen ganz flott. Hei kritt een Téi et schwätzt ee roueg mateneen an ech fannen de Pandi Panda (Maskottche vun der Téistiffchen) mega léif. Fannen et cool, dass hie fir haut extra eng Krawatt ugedoen huet".
Theo B. „ Ech fannen Téistiffchen ganz gutt. Hei kann een iwwert d'Maison Relais schwätzen an sech austauschen"
Jana: „ Hei ass et ganz gemittlech. D'Fautelen an d'Kësse maachen, dass et relax a roueg ass an ee flott matenee schwätze kann".










**D'Téistuff C3.2-C4:**

Reportage geschriwwe vum Lena M. (C4) :

„ Säit dem Ufank vum Joer 2025 gëtt et vir d'Kanner aus de Cyclen 3.2, 4.1 a 4.2 um Enn vum Mount d'Téistuff am Jugendraum.
Wéi den Numm scho seet gëtt et do Téi an eng Klengegkeet vir z'iessen.
An der Téistuff gëtt iwwert verschidden Ännerunge geschwat awer och d'Kanner kenne wéi an enger richteger Versammlung hier Iddien a Virschléi äusseren. Virun hëllefen ëmmer zwee Kanner alles virbereeden. Wärend der Versammlung schreift een anert Kand de Protokoll.
Am Jugendsall läit och ëmmer een Heft wou mir all eis Iddien a Kommentarer kënnen opschreiwen. Et kennt och nach eng Bréifkëscht, wann e Kand eng Iddi, ee Wonsch oder eppes wat en net flott fënnt, wëll matdeelen.
Fir dat all Kand eng Kéier kann dobäi sinn, gëtt den Dag vun der Téistuff ëmmer gewiesselt, tëscht Méindeg a Mëttwoch.
Déi extra Versammlung fänkt ëmmer um 13:00 Auer u geet bis dat alles gekläert ass an eng Léisung fonnt gouf. Dono gi mir rëm um 14:00 Auer an d'Schoul."







# Generalversammlung

**AMICALE VUN DE POMPJEEËN GEMENG FËSCHBECH** **08.01.2025 SCHOUS**

Den 8. Januar 2025 hat d'Amicale vun de Pompjeeë Gemeng Fëschbech hir uerdentlech Generalversammlung am Pompjeesbau zu Schous. De President Luss Brosius konnt ganz vill Membere begréissen, awer och Vertrieder vum Schäfferot a vun der Pompjeesfederatioun Regioun Osten waren der Invitatioun nokomm. Aus dem Bericht vum Sekretär ass ervirgaangen, datt eng sëlleg Aktivitéiten 2024 organiséiert goufen, an datt d'Memberen un den offizielle Manifestatioune vun der Gemeng deelgeholl hunn.

De Kannerfuesbal an d'Kiermesham ware gutt besicht, sou datt de Caissier e klengen Iwwerschoss am Jores-bilan ze vermellen hat.

Eis Jugendpompjeeë besti momentan aus 13 Memberen. Niewent de reegelméissegen Übunge stoung d'lescht Joer och d'Participatioun um Camp zu Konsdref um Programm a 7 Jugendlecher hunn um Leeschtungstest deelgeholl an och bestanen.

De CIS Fëschbech besteet aus 22 operationelle Pompjeeën déi d'lescht Joer op eng 36 Asätz geruff goufen, dovunner 19 First Responder. De ChefCIS Lucien Karier huet der Amicale Merci gesot fir hir Ënnerstëtzung. Duerch hir vill Aktivitéite ginn si hirer Aufgab voll a ganz gerecht, fir d'Komerodschaft ënner de Memberen ze pfleegen.

De Präsident huet zum Schluss de Programm fir 2025 kuerz virgestallt an duerno hunn d'Vertrieder vun der Gemeng a vun der Regioun e puer Wieder un d'Versammlung geriicht. De President vun der Regioun Osten Const Schwartz huet a senger Usprooch der Amicale villmools Merci gesot fir déi tatkräfteg Ënnerstëtzung beim Catering den 20. September op der Journée Nationale de la Sécurité Civile um Séi zu Iechternach. De Schëffen Dan Moura huet am Schlusswuert déi geleeschten Aarbecht vun alle Membere gelueft an de Pompjeeë fir hiren Asaz Merci gesot. Hien huet versprach, datt d'Pompjeeën och an d'Zukunft op d'Ënnerstët-zung vun der Gemeng ziele kënnen.

Duerno huet d'Amicale all hir Membere mat Partner op dat traditionellt Iessen invitéiert.







# Liesmoien

**APEF** **19.01.2024 ANGELSBIERG**

Den 19. Januar 2025 huet d´Elterevereenegung op hire Liesmoien zu Angelsbierg an der Maison Relais invitéiert. Dëst Joer war nees Potty Lotty bei eis an huet eis ganz intressant Geschichte virgelies.

D´Librairie Zimmer vun Dikrech war dee Moien och mat engem flotte Bicherdësch vertrueden, wou ganz fläisseg Bicher kaaft goufen. Ee grousse Merci hinnen dass si eis wei all Joer ee Buch geschenkt hunn, wat mir de Moie verloust hunn.

Och dëst Joer ass eisen Liesmoien gutt ukomm a mir schaffen dru fir iech och nees nächst Joer ee flotte Moien unzebidden.









# Generalversammlung

**ACFL** **21.01.2025 SCHOUS**



**D'Sektioun ACFL aus der Gemeng Fëschbech huet den 21. Januar 2025 hir Generalversammlung vum Joer 2024 ofgehalen.**

No der Begréissung vun der Presidentin Madamm Alice Trausch-Huber, dem Aktivitéits-Rapport vun der Sekretärin Madamm Théa Kugener-Heck an dem Keesseniwerbléck vun der Madamm Marie-Josée Degraux-Turmes hu si hire Poste fräi ginn. D'Keesereviseuren d'Madamm Renske Kolber-Helmrath an d'Madamm Anne Jacobsen-Perassolo hunn eng einwandfrei Buchféierung bestätegt.

Et war kee Member bereet fir déi Posten ze iwwerhuelen. No 30 Joer Aktivitéit ass dunn de Veräin opgeléist ginn.

E ganz grousse Merci geet awer un all Memberen déi eis ëmmer ënnerstëtzt a matgeschaft hunn. Net vergiess sinn all déi déi deemools d'Sektioun opgebaut hunn.

De Paschtouer Félix Steichen an den Här Buergermeeschter Luss Brosius hunn eis mat luewenden Wierder villmools Merci gesot.

An de Joren 2024-2025 sinn 10000 € un Done verdeelt ginn: Stroossenengelen 1000 € / Jong Baueren 1000 € / Parblaat 500 € / Médecins sans Frontières 1500 € / Chrëschte mam Sahel 1000 € / Télémass 500 €.

52

An der Generalversammlung huet d'Madamm Nathalie Grotz 1000 € fir "Hëllef fir d'Natur" kritt, d'Madamm Martine Wirtz 1500 € fir "En Häerz fir kriibskrank Kanner" an den Här Claude Malget 2000 € fir den "Kierchefong" Fëschbech.

Si all hunn hier Aktivitéite virgestallt an e grousse Merci ausgesprach.

An deenen 30 Joer Aktivitéit sinn iwwer 80000 EURO gespent ginn.

Vun den 2087,50 € déi nach an der Kees sinn ass nodréiglech festgehal ginn nach 500 € fir Télévie a 500 € fir ACFL- Solidaritéitsaktioun 2023-2025 (Pëtze fir Madagaskar) ze spenden.

Beim Opléise vum Kont geet wat bleiwt un d'Zentral vun ACFL.



| Wat war lass? |

# Verstoppten Tatsaachen

**THEATERVERÄIN FËSCHBECH-SCHOUS-ANGSBREG** **25.01.2025 SCHOUS**

Vum 25. Januar bis den 1. Februar 2025 huet den Theaterveräin Fëschbech-Schous-Angsbreg während 4 Owender d'Stéck "Verstoppten Tatsaachen" vum Yvonne Struck opgefouert.



WAT WAR LASS ?

53

# Hierkeniessen

**SENIOREVERÄIN** **14.02.2025 SCHOUS**

Och wa Vältesdag war, haten och dëst Joer vill Leit de Wee op Schous fonnt fir e gudden Hierk oder eng Hameschmier bei de Senioreveräin op Schous iessen ze kommen. Et war e grousse Succès a mir hoffen dass dat d'nächst Joer och erëm klappt.





# Kannerfuesbal

**AMICALE VUN DE POMJEEËN GEMENG FËSCHBECH** **23.02.2025 SCHOUS**













# Club des Jeunes

Elo rezent hat de Club des Jeunes hiren traditionellen Hexebal, de mëttlerweil schonn ee feste Bestand-deel vum Lëtzebuerger Fueskalenner ass. De Club des Jeunes ass awer net nëmme Fuesent, och wa mir dëst Joer esou guer béi 2 Kavalkaden dobäi waren. Iwwert d'Joer verdeelt maache mir nach eng ganz Réi aner Aktivitéiten, an droen eisen Deel zum Erhale vun den Traditiounen an Duerfliewen dobäi. Sou be-gleede mir zum Beispill de Kleesche béi sengem Tour duerch d'Gemeng a liwweren och Chrëschtbeemer-cher, déi mir och rëm siche kommen. Ausserdeem maache mir och nach ee Meekranz an d'Buergbrennen um Angelsbierg. Zesumme ware mir och den Theater kucke gaangen an hunn eis um Partybus ameséiert. Méi sportlech ënnerwee ware mir um Landjudgenddag um Bodykicker an um Hobbytournoi vum Fielsser Basket. Eist Talent hu mir och probéiert op 2 Quizowenter ze beweisen.













# Buergbrennen

**17.-18.02.2024**




Fëschbech



Schous







Angelsbierg

Buergbrennen ass een ale Lëtzebuerger Brauch, bei dem symbolesch de Wanter verbrannt gëtt. D'Buerg gëtt um Buergsonndeg gebrannt, den 1. Sonnden no der Fuesent. Déi Traditioun geet wäit bis an d'Mëttelalter zréck.

Gewéinlech sinn et lokal Veräiner, déi sech ëm d'Organisatioun vum Buergsonndeg këmmeren. Heifir gëtt ee Bam, oft a Form vun engem Kräiz, opgestallt a mat Stréi ëmwéckelt. Virum Buerg-brenne geet de Veräin duerch d'Duerf Eeër a Speck ophiewen, fir d'Omlette dono. D'Buerg selwer gëtt oft traditionell vun där Koppel ugefaangen, déi sech als lescht bestuet huet oder als nächst bestuede wäert.

Der Burgsonntag ist eine alte Tradition in Luxemburg, wo am ersten Sonntag nach Karneval symbolisch der Winter verbrannt wird. Die Tradition reicht bis ins Mittelalter zurück.

Für die Organisation des Burgsonntags sind normalerweise die lokalen Vereine verantwortlich. Ein Baum wird aufgestellt, oft in Form eines Kreuzes, und mit Stroh umwickelt. Bevor die "Burgen" angezündet werden, zieht der Verein durchs Dorf und sammelt Eier und Speck für die Zubereitung des Omeletts nach der Veranstaltung. Traditionell zün-det das zuletzt verheiratete Paar oder das Paar, das demnächst heiraten wird, die "Burg" an.

Le dimanche des Brandons est une tradition ancienne du Luxembourg, où l'hiver est symboliquement brûlé le premier lundi après le carnaval. La tradition remonte à l'époque médiévale.

Les associations locales sont habituellement respon-sables de l'organisation du dimanche des Brandons. Un arbre est érigé, souvent de la même façon qu'une croix, et enveloppé dans de la paille. Avant d'allumer les brandons, l'association se déplace dans le village pour récolter des œufs et du lardon pour confection-ner l'omelette après l'événement. Dans la tradition, c'est le couple le plus récent marié ou celui qui se marie prochainement qui allume le brandon.

Brandon Festival is a long-standing tradition in Luxembourg, where Winter is symbolically burnt on the first Sunday in Lent. The tradition dates back to medieval times.

Local associations are usually responsible for organising the Brandon Festival. A tree is raised, often in the form of a cross, and wrapped in straw. Before lighting the bonfires, the association visits the village to collect eggs and bacon to make the omelette after the event. Traditionally, the bonfire is lit by the most recently married couple, or the one getting married soon.

WAT WAR LASS ?

# Generalversammlung

**CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIERG-SCHOUS** **03.03.2025 SCHOUS**

D'Generalversammlung vun der Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous war dëst Joer den 3. Mäerz.
De President Hubert Lanckohr huet de Buergermeeschter Lucien Brosius, den 1. Schäffe Laurent Schiltz, de Kaploun Jacob Zeilinger an all Member vun der Chorale begréisst. No enger Gedenkminutt fir déi Verstuerwe vun der Chorale huet de Sekretär d'Aktivitéite vun der Chorale virgedroen. De Keeserapport, virgedroe vum Keesier Claude Malget konnt e positive Bilan opweisen. D'Keeserevisoren hunn déi gutt gefouert Kees gelueft an hunn d'Memberen ëm Entlaaschtung gebieden. D'Dirigentin, d'Thea Kass-Origer, huet de Sängerinnen a Sänger Merci gesot fir hiren Asaz an de Massen an an de Prouwen.
De Buergermeeschter huet begréisst, dass d'Chorale net nëmme Masse verschéinert, mee och hire Beitrag bei de kulturelle Manifestatioune vun der Gemeng leescht. De Kaploun Jacob Zeilinger huet d'Chorale fir hire Gesang an de Massen e grousst Luef ausgesprach. D'Chorale huet de Claude Malget geéiert fir 40 Joer Aarbecht als Keesier vun der Chorale an huet him e Kaddo iwwerreecht.
D'Versammlung gouf mat engem gemeinsamen Iesse mat der Chorale vu Rolleng ofgeschloss.






# Choucroute garnie

**SPUERVERÄIN "EN APEL FIR DEN DUUSCHT"** **23.03.2025 SCHOUS**

Och dëst Joer haten erëm vill Leit de Wee op Schous an d'Veräinshaus fonnt fir eng gutt Choucroute iessen ze kommen. Mir freeën eis schonn op d'Choucroute vum nächste Joer an hoffen, dass Dir erëm sou zahlreich kommt!







# Albinusfeier

**06.04.2025 ANGELSBIERG**











Fotoen : Luss Brosius, Raymond Faber a Christiane Simon

# Mir gi liichten

02.02.2025


Fëschbech


Schous

# Mir ginn heeschen

27.02.2025


Schous


Fëschbech

# Mir gi klibberen

17.-20.04.2025


Schous


Fëschbech





# Generalversammlung

**SENIOREVERÄIN** — **06.04.2025 SCHOUS**

De 6. Abrëll war d'Generalversammlung vum Senioreveräin.
D'Versammlung gouf mat engem gudde Stéck Kuch ofgeschloss.





# Ouschtereeërsich

**APEF** — **20.04.2025 ANGELSBIERG**

Um Ouschtersonnden, den 20. Abrëll huet APEF di 2. Kéier bei d´Angsber Schoul invitéiert fir do hier Ouschtereeërsich ze maachen. Um 10 Auer ass et lass gaangen a 64 Kanner hu sech op d´Sich gemaach no denen 385 Eeër. Den Challenge war dat gëllent Ee zefannen. De gléckleche Gewënner krut dann och een extrae Präis. Et ass awer kee mat eidelen Hänn heem gaangen. Den Ouschterhues hat fir jiddereen ee klenge Kaddo do gelooss.






# Mir gratuléieren







## ANITA FRISCH-REMACLE



Den 10. Mäerz konnt de Schäfferot dem Anita Frisch-Remacle vu Schous, ob den Dag genau, fir seng 80 Joer wënschen. D'Anni vu Schous ass deene meeschte vun Iech sécherlech bekannt, well hat wunnt zanter Abrëll 1965 hei.

D'Anni ass den 10. Mäerz 1945 an der Stad an der Maternité op d'Welt komm. Hat ass mat sengen zwou Schwëstere a sengem Brudder zu Koplescht grouss ginn. Am Alter vun 20 Joer huet d'Anni de Nicolas Frisch vu Schous bei engem "Blind-Date" beim Bäcker Frieden um Briddel kennegeléiert, wou hat emol de Weekend ausgehollef huet. De 16. Abrëll 1965 sinn si zwee dunn och zu Koplescht bestuet ginn. An d'Famill ass mat hiren 2 Kanner Armand an Nancy méi grouss ginn. Éier d'Anni a sengem neien Doheem um Bauerebetrib esou richteg ageschafft wor an sech voll als Hausfra engagéiert hat, huet d'Anni 7 Joer bei Villeroy a Boch am Rollengergronn geschafft. Hei wor hat an der Dekoratioun vum Porzeläi spezialiséiert. Mir hunn och ganz houfereg e flotten Teller mat der Consolatrice gewise kritt an säin Hochzäits-porzeläin, wou d'Anni selwer mat dru geschafft huet.

Bauerefra an Hausfra waren dem Anni awer ni genuch. Hat wor an ass e gesellege Mënsch an dofir wor hat och vun Ufank un an de lokale Veräiner aktiv. Seng Bakkënscht waren ëmmer gär gesi bei de Fester a Versammlungen, zemools d'Bierentaart! D'Anni ass haut nach aktive Member beim Spuer-veräin, dem Senioreveräin a beim Aktiv plus Uelzechtdall. A wann et emol doheem ass, gëtt fir de Gudden Zweck gebitzt oder am Gaart geschafft. Mee d'Anni ass net oft doheem, well säi léifsten Hobby ass a bleift mat Frënn/dinnen op Reesen ze goen.

Am Numm vun der Gemeng Fëschbech wënsche mir dem Anni all Guddes fir säin 80. Gebuertsdag, nach vill flott Reesen a soe Merci fir dee flotten Owend.





**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Les lundis au jeudis de 08h30 à 11h30**
**et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**
**les autres midis: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS — 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN — 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA — 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN — 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES — 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER — 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX — 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
Olivier MOLITOR — 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

Fëschber Nopeschfest ASBL

# FÊTE DES VOISINS
## 28. JUNI 2025
## AB 11.30




**PARTICIPATIOUN / *PARTICIPATION***
pro Erwuessenen / *par adulte* 25€
Kanner / *par enfant* (6 - 12 Joer / *ans*) 15€
Kanner < 6 Joer Gratis / *enfants < 6 ans gratuit*

**MENU**
POULETS MARINÉS
SPARE RIBS
BIFANA

**INSCRIPTIOUN / *INSCRIPTION***
Iwwerweisung op de Konto / *par virement sur le compte*
CCPLLULL LU20 1111 7046 3527 0000
Kommunikatioun / *communication* :
Nopeschfest NOM Famille, nombre adultes / enfants
Participatioun ass ze iwwerweisen bis spéitstens de 7. Juni 2025 /
*la participation est à verser au plus tard pour le 7 juin 2025*

**KONTAKT / *CONTACT***
Email: feschber@gmail.com

**Mir invitéieren Iech zu Fouss, mam Vëlo oder mam ëffentlechen Transport op d'Fest ze kommen.**
***Nous vous invitons à vous rendre à la fête à pied, à vélo ou en transports en commun.***

GREEN EVENTS

# NATIONALFEIERDAG
# FÊTE NATIONALE
# 2025

## 22/06
**AB ÀPD 10h00**

LU: Méi Informatiounen
FR: Plus d'informations
DE: Mehr Informationen
EN: More information

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur